ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (nom Art. 84 vum Chamberreglement) un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Am Kontext vum Klimastreik, deen de 15. Mäerz programméiert ass, huet den Här Educatiounsminister de Lëtzebuerger Schüler erlaabt, d'Schoul fir dës Manifestatioun ze verloossen. Um Internet-Site vum Ministère begréisst de Minister de biergerlechen Engagement vun deene Jonken, déi entschloss sinn, sech fir d'gesellschaftlech Froestellunge vun haut a muer anzesetzen ("salue l'engagement civique des jeunes déterminés à exprimer leur voix pour participer aux enjeux sociétaux d'aujourd'hui et de demain"). An deem Kader wéilt ech dem Här Minister e puer Präzisioune froen:

1. Wat versteet den Här Minister ënner "engagement civique … pour participer aux enjeux sociétaux d'aujourd'hui et de demain"? Ass et esou, datt Schüler systematesch fir hire biergerlechen Engagement kënne fräi kréien, dat heescht och fir aner gesellschaftlech Uleies?

2. Wann dat net de Fall ass, firwat kënne si ausgerechent fir de Klimastreik vu Youth for Climate Luxembourg fräikréien?

3. Wien definéiert, wat déi "enjeux sociétaux" sinn, fir déi däerf gestreikt ginn an no wéi enge Kritäre fällt am Eenzelfall dës Decisioun?

4. Gëtt hei en Engagement an der Zivilgesellschaft als méi wichteg bewäert, wéi en eventuelle politeschen Engagement?

5. Huet "Youth for climate" eng juristesch Perséinlechkeet? Wann net, wien huet d'Verantwortung fir d'Organisatioun an den Deroulement vun der Manifestatioun?

6. Op hirer Facebook-Säit huet "Youth for climate" en Excel-Fichier mat hire Kontakter. Ass dat conforme zu der Legislatioun iwwer den Dateschutz, speziell der GDPR ?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

7. "Youth for Climate" huet an de Schoulen Ziedele iwwer déi geplangte Klimamanifestatioun verdeele kënnen, zum Deel iwwer d'Schoulverwaltungen. Huet den Här Minister dofir säin Accord ginn? Ass et senger Meenung no normal, datt an de Schoulen därfen Ziedelen ausgedeelt ginn, déi d'Schüler dozou opruffen, géint eng Decisioun vun hiren Elteren awer ze demonstréieren ("Si vos parents n'agréent pas de signer l'autorisation, nous vous invitons quand-même à nous joindre! La seule conséquence sera un non-excusé" (sic)). Wien huet an deem Fall d'Verantwortung fir déi Schüler déi géint d'Decisioun vun den Elteren awer manifestéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten